LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 09:02, 10/11/2020

Luxembourg, le 9 novembre 2020

Réf. : 831x15537

Concerne: Question parlementaire n° 2979 du 13 octobre 2020 de Monsieur le Député Sven Clement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 2979 du 13 octobre 2020 de Monsieur le Député Sven Clement concernant les "Échanges internationaux concernant l'autorisation d'exercer des médecins".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette LENERT
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 2979 du 13 octobre 2020 de Monsieur le Député Sven Clement concernant les "Échanges internationaux concernant l'autorisation d'exercer des médecins".

Den Gesondheetsministère huet Kenntnis vun deen genannten Artikel an der Press an huet och direkt reagéiert, an deem Sënn dat en sech emgehend mam Collège médical, der Autorité disciplinaire vun den Medeziner, an Verbindung gestallt huet fir eng Enquête unzefroen. Déi Enquête ass aktuell nach um lafen an den Gesondheetsministère waart op en definitiven Avis vum Collège médical, deen zur Zäit mat den franséischen Autoritéiten a Kontakt ass. Wéinst dem Secret vun Instructioun, ass et momentan nët méiglech, méi Detailer dozou ze ginn. Et ass ze ënnersträichen, dat den Collège medical direkt eng ganz extensiv Analyse vun der Situatioun gemaach huet, am Sënn vun der Sécherheet vun den Patienten. Soubal den definitiven Avis vum Collège médical virläit, wäert den Gesondheetsministère eng Décisioun huelen, wei et mam betraffenen Medeziner weidergeet.

Well zur Zäit, weder an dësem Fall, nach an engem aneren Fäll, d'Situatioun sech presentéiert huet, dat en Medeziner deen zu Lëtzebuerg exerzéiert, no dem Ausstellen vun senger Autorisation d'exercer zu Lëtzebuerg, säin droit d'exercer am Ausland komplett an definitiv verluer huet, ass et nach nët zu dem Ëmstand komm, deen den Honorablen Députéierten beschreift. Fir sou Fäll awer virzebeugen, analyséiert den Gesondheetsministère zur Zäit, wéi eng nei gesetzlech Regel kéint an deem Fall gräifen, fir dat eng komplett an definitiv Radiatioun am Ausland d'office kéint zu enger Radiatioun zu Lëtzebuerg féieren.

Um europäeschen Niveau gëtt et eng Plateforme d'échange, genannt Internal Market Information System (IMI), wou Informatiounen zwëschen den Memberstaaten vun der UE ausgetosch ginn, e.a. iwwer Décisiounen am disciplinareschen an strofrechtlechen Beräich betreffend Medeziner an aner Gesondheetsberuffer. Et ass an der Verantwortung vun den zoustännegen Autoritéiten aus den jeeweilegen Memberstaaten, déi Plateforme z'alimentéieren. Duerch déi elementär Prinzipen vum Droit de la défense, ass et natierlech och just méiglech, definitiv Décisiounen op der IMI Plateforme weiderzereechen. Dësen Ëmstand bréngt, noutgedrongen, en gewëssen Décalage mat sech, zwëschen der Revelatioun vun Informatiounen rondrëm enger Enquête am Ausland an der Meldung vun der finaler Décisioun op der IMI Plateforme.